N°2660
Entrée le 24.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 24. Juli 2025**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft weiderzeginn.

De 16. Juli huet d'Europäesch Kommissioun de Budget fir den Zäitraum vun 2028 bis 2034 virgestallt. Wéi aus den Ausféierunge vum EU-Agrarkommissär Christophe Hansen ervirgeet, soll de Budget fir d'Gemeinsam Agrarpolitik (GAP) op 300 Milliarden Euro festgesat ginn. Dëst stellt eng Reduktioun vu ronn 87 Milliarden Euro par Rapport zum Budget 2021–2027 duer, wou 387 Milliarden Euro virgesi waren. Des Weideren huet den EU-Agrarkommissär erkläert, datt d'Direktbäihëllefen, déi flächebaséiert sinn, an Zukunft degressiv no Betribsgréisst solle berechent ginn. Fir Betriber, déi manner ewéi 20.000 Euro d'Joer Direktbäihëllefe kréien, soll sech näischt änneren. Betriiber, déi tëschent 20.000 a 50.000 Euro kréien, musse mat engem Minus vu 25 Prozent rechnen, tëschent 50.000 a 75.000 Euro ass eng Kierzung vu 50 Prozent geplangt. Bei Betriber mat Direktbäihëllefen an Héicht vu méi wéi 75.000 Euro sinn et 75 Prozent manner. An dem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Landwirtschaftsministesch stellen.

- Wéi vill Betriber falen hei zu Lëtzebuerg bei de geplangte Kierzungen ënnert déi eenzel Kategorien?
- Wéi vill Prozent vun der aktueller gesamter flächebezunnener Direktbäihëllef géing no dem virgestallten Modell nach ausbezuelt ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Jeff Boonen, Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2660 vum 24. Juli 2025 vum éierewäerten Députéierten Jeff Boonen**

1. **Wéi vill Betriber falen hei zu Lëtzebuerg bei de geplangte Kierzungen ënnert déi eenzel Kategorien?**

Follgend aktuell Primme fléissen an déi nei degressiv flächebaséiert Akommesbäihëllef an:

- D'Basisprimm;
- D'Ëmverdeelungsprimm;
- D'Jongbauereprimm aus dem éischte Pilier.

Op Basis vun den Informatiounen, déi aktuell verfügbar sinn, wären vun den 1 708 aktive Bauere der 390 vun de Kierzunge (oder Capping genannt) vum Artikel 6 vum proposéierte GAP Règlement betraff. Dovun:

- 362 vum Artikel 6, Paragraph 3(a) (20 000-50 000 EUR);
- 23 vum Artikel 6, Paragraph 3(b) (50 000-75 000 EUR);
- 5 vum Artikel 6, Paragraph 3(c) (> 75 000 EUR).

Vum Artikel 6, Paragraph 4 (> 100 000 EUR no de Kierzungen) wäert kee Betrib betraff sinn.

Et sief och ervirgehuewen, datt d'Kierzungen wahrscheinlech ab enger Betribsgréisst vun 78 ha gräifen wäerten, dat wier deemno liicht iwwert der Landesmoyenne vun 72 ha pro Betrib.
An dem Kontext sief och dorops higewisen, datt d'Betriber matt engem jonke Betriebsleiter iwwerproportional betraff sinn, well si an der Moyenne matt ca 120 ha méi grouss sinn.

Vun den 165 Jonken aktive Baueren, déi d'Jongbauereprimm aus dem éischte Pilier kréien, wieren der 83 oder d'Hallschent vun de Kierzunge vum Artikel 6 vum proposéierte GAP Règlement betraff. Dovun:

- 71 vum Artikel 6, Paragraph 3(a) (20 000-50 000 EUR);
- 11 vum Artikel 6, Paragraph 3(b) (50 000-75 000 EUR);
- 1 vum Artikel 6, Paragraph 3(c) (> 75 000 EUR).

2. **Wéi vill Prozent vun der aktueller gesamter flächebezunnener Direktbäihëllef géing no dem virgestallte Modell nach ausbezuelt ginn?**

D'Kierzung vun der aktueller gesamter flächebezunnener Direktbäihëllef ass ofhängeg vum Budget, dee mer zougestane kréien. Dëse Montant ass nach net festgesat, genausou wéi d'Modalitéite vum Capping elo mussen am legislative Prozess verhandelt ginn.

Lëtzebuerg, den 11. August 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau